



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. November 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Déi franséisch Justiz huet an engem rezente Fall, deen an de Medie fir Kontroverse gesuert huet, decidéiert, datt de biologesche Papp vun engem Kand, dat aus enger Gestation pour autrui (GPA) ervirgaangen ass, net de Retrait vun der Autorité parentale vun der geléinter Mamm (déi no der Gebuert vum Kand an hirem Land op hir Mammerechter verzicht hat) mam Argument verlaange kann, si wier souwisou zënter der Gebuert vum Kand net an deem säi Liewen involvéiert. De biologesche Papp konnt net noweisen, datt d'Feele vun der biologescher Mamm am Liewe vum Kand eng Gefor fir d'Sécherheet, d'Gesondheet bzw. dat moralescht Wuelbefanne vum Kand duerstelle géif. Doduerch konnt d'Kand net vum Conjoint vum biologesche Papp adoptéiert ginn.

De beschriwwene Fall weist, datt et a Frankräich net méiglech ass, enger Persoun hir Autorité parentale ze entzéien, fir doduerch administrativ Demarchen (an dësem Fall d'Adoptioun vum Kand duerch de Conjoint vum biologesche Paap) ze erliichten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch:

- 1) Am Dokument „L'autorité parentale au Grand-Duché de Luxembourg“, (https://www.lbv.lu/wpcontent/uploads/2020/01/Brochure_autorite_parentale_2_018.pdf) steet: "En outre, peuvent se voir retirer totalement l'autorité parentale, en dehors de toute condamnation pénale, les parents qui, (...) **par un défaut de soins ou un manque de direction, mettent en danger la sécurité, la santé ou la moralité de l'enfant.**" Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob doduerch och enger biologescher Mamm, déi am Ausland op hir elterlech Rechter verzicht huet, hei zu Lëtzebuerg offiziell d'Autorité parentale kann entzu ginn, fir enger Koppel, déi e Kand an Opdrag ginn huet, d'Adoptioun vum Kand ze erliichten?
- 2) Misst net bei all Kand, dat aus enger GPA am Ausland ervirgaangen ass an hei zu Lëtzebuerg opwiisst, rechtlech festgehale ginn, ween déi biologesch Mamm an de biologesche Papp ass? Anescht formuléiert: Ass d'Madamm Minister net der Meenung, datt all Kand d'Bedierfnes huet, seng biologesch Elteren ze kennen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized initial 'FK' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser
Deputéierten